

E Joer voller Changementen an neie Projeten

*Wéi Dir bestëmmt scho gesinn hutt, huet sech bei Ärem
Fournisseur sou munches verännert.*

Viroop deen neien Numm vun eiser Entreprise: am Mee dëst Joer hu mir eise Clientë matgedeelt datt **SUDGAZ** zu **SUDenergie** gouf. Ënnert deem neien Numm bidde mir Iech dee gewinnten zouverlässege Service an eng weiderhi sécher Gasversuergung zu deene beschtméigleche Konditiounen un. Doriwwer eraus baue mir eist Engagement fir d'Energietransitioun zu Lëtzebuerg weider aus an iwwerhuele Verantwortung fir datt et viru geet a Richtung nohaltege Energieversuergung.

Esou hu mir och dëst Joer eng Rëtsch nei Photovoltaik-Anlagen un d'Netz ugeschloss fir den Undeel vun erneierbar produziéiertem Stroum weider z'erhéijen. Eng gréisser Anlag gouf op der Produktiounshal vu Carrières Feidt zu Iernzen installéiert. Dës Anlag huet eng Leeschtung vun **313 kWp** a kann **260.000 kWh** am Joer produziéieren. Domadder kënnen **80 Stéit** mat Stroum versuergt ginn. Besonnesch freeë mir eis dernieft iwwert eng sëlleg **Projete mat eise Gemengen**, déi derzou bäidroen datt och op deene villen öffentleche Gebaier Solarstroum produziéiert gëtt.



PRIMM

SUDenergie belount weiderhin Äert Engagement fir Energie anzespueren, besonnesch d'Auswiessle vun Ärer aler Chaudière.

Mir ënnerstëtzen Äre Projet mat enger Primm vu bis zu 500 €
(respektiv **800 €** wann Dir vu Mazout op Gas wiesselt).



SUDenergie·Trail am Parc Merveilleux zu Beetebuerg

Kennt Dir schonns deen neie **SUDenergie Trail** am Parc Merveilleux zu Beetebuerg? Op eng spilleresch Manéier ginn déi ganz Kleng eppes gewuer iwwert déi verschidde Forme vun nohalteger Energie a wat alles gemaach gëtt fir och an Zukunft eng sécher Versuergung ze garantéieren. Och déi méi Grouss kënnen hei bestëmmt nach dat eent oder anert derbäi léieren.

De Projet ass am Kader vun eiser Kooperatioun mat der APEMH, der Associatioun am Déngscht vu Leit mat engem intellektuellen Handicap, entstanen. Besonnesch gouf Wäert drop geluecht datt den Trail komplett accessibel ass fir Leit am Rollstull.

ËMBAU VUN EISER AGENCE

Fir Iech nach e méi komfortabele Service ungebidd hu mir ugangs des Joers eis Agence an der Rue Jean-Pierre Michels zu Esch ëmgebaut. Mir hu Wäert geluecht op en oppenen a modernen Accueil wou eis Mataarbechter Iech wéi gewinnt zu alle Froe ronderëm d'Énergie beroden.

Kommt gärén eng Kéier laanscht vu :
méindes bis freides 07:30 - 12:00
& 13:30 - 17:00 Auer

Natierlech si mir och iwwer Telefon
fir Iech do um : **+ 352 55 66 55 1**



Une année pleine de changements et de nouveaux projets

Comme vous l'avez certainement remarqué, l'année 2021 est marquée par des changements majeurs auprès de votre fournisseur d'énergie.

Tout d'abord la nouvelle dénomination de notre entreprise : au mois de mai nous avons communiqué à nos clients que **SUDGAZ** est devenue **SUDenergie**. Sous la nouvelle dénomination, nous continuons à vous offrir un service de qualité et nous garantissons la fourniture de gaz naturel aux meilleures conditions. Dans l'optique de soutenir la transition énergétique au Luxembourg, SUDenergie prend sa responsabilité et promeut au quotidien le développement de production d'électricité sur base des énergies renouvelables.

Raison pour laquelle nous avons continué davantage à développer des centrales photovoltaïques. Parlant de centrales à taille plus importante, SUDenergie est fière d'avoir installé une centrale photovoltaïque d'une puissance de **313 kWp** sur un hall de production de la société Carrières Feidt à Ernzen. Grâce à cette puissance il en résulte une production d'électricité verte de **260.000 kWh** par an, couvrant le besoin en électricité d'environ **80 ménages**. Enfin, nous nous réjouissons particulièrement d'avoir pu réaliser plusieurs **projets avec nos communes actionnaires et nos partenaires** et nous nous engageons à poursuivre cette piste de rôle précurseur dans le secteur des énergies renouvelables.



SUDenergie continue à récompenser votre engagement pour économiser de l'énergie en soutenant **vos projets** (particulièrement le remplacement de votre chaudière) **par une prime s'élevant jusqu'à 500 €** (respectivement **800 €** pour le changement du fioul au gaz) sur l'investissement.

PRIME

SUDenergie·Trail au Parc Merveilleux à Bettembourg

Connaissez-vous déjà le nouveau **SUDenergie Trail** au Parc Merveilleux ? De manière ludique, les plus petits apprennent les différentes formes d'énergie à caractère écologique, lesquelles sont indispensables pour garantir un approvisionnement sûr et durable à l'avenir. Mais également les plus grands d'entre nous peuvent enrichir leurs connaissances dans le domaine de l'énergie.

Le projet a été réalisé dans le cadre de notre collaboration avec l'APEMH, l'association pour les personnes en situation de handicap intellectuel.

Un soin particulier a été apporté à l'accessibilité en chaise roulante.

TRANSFORMATION DE NOTRE AGENCE

Afin de pouvoir vous offrir un service encore plus confortable, nous avons transformé notre agence à la rue Jean-Pierre Michels à Esch en début d'année. Nous avons mis l'accent sur un accueil moderne et ouvert, où nos collaborateurs vous conseillent comme d'habitude sur toutes les questions relatives à l'énergie.

N'hésitez pas à nous rendre visite du : **lundi au vendredi 07h30 - 12h00 & 13h30 - 17h00**

Nous restons évidemment aussi à votre disposition par téléphone au numéro : **+ 352 55 66 55 1**